Klimabündnis Decision de principe: Bäitrett vun der Gemeng Käerjeng (J-A) Kl-pakt

Wéi mir schonns an der Schäfferotserklärung ugekënnegt haten, an dofir och Gelder am Budget virgesinn hunn, wëlle mir elo no vill Viraarbecht an Diskussiounen bewosst dem Klimabündnis-Lëtzebuerg bewosst bäitrieden, dësem kommunalen Netzwierk fir Klimaschutz an Solidaritéit mat den Mënschen aus de Reebëscher.

Dat internationaalt Klimabündnis gouf 1990 als Zesummenaarbecht tëschent europäeschen Gemengen an Partnerorganisatiounen aus dem Amazonasgebidd (Brasilien), gegrënnt., well si erkannt hunn, dass de Klimawandel global zesummenhänkt, a mir nëmmen kënnen gemeinsam dergéint ugoen.

D‘ Haaptursaache vum Klimawandel sinn: ze héich Zerregasen, virun allem CO2-Ausstéiss op der enger Säit an d’Zerstéierung vun de Reebëscher, der Long vun eiser Äerd, op där anerer Säit. Dowéinst verflichten sech d’Klimabündnis-Gemengen och esouwuel hiren CO2-Ausstouss ze reduzéieren, (virun allem duerch Ëmsetzen vun Energie- an Verkéierskonzepter) wéi awer och d’Beméiungen vun hire Partner am Süden ze ënnerstëtzen fir d’Reebëscher ze erhalen (duerch Sensibiliséieren an Ëffentlechkeetsaarbecht).

D‘ "Klimabündnis Lëtzebuerg“ gouf 1995 vun e puer Gemengen zesummen mat "Action Solidarité Tiers Monde " an dem "Mouvement Ecologique" gegrënnt. Des zwou Organisatiounen zeechnen nach haut fir d’Koordinatioun responsabel.

Als klengen Historique zum Thema Klimabündnis hei zu Bascharage wollt ech awer och nach erwähnen, dass :

ech u sech schonns an menger alleréischter Gemengerotssëtzung den 18.02.2009, deemools nach am Sall hei niewendrun, als Äntwert op eng Motioun vun der LSAP fir dem Klimabündnis bäizetrieden, erklärt hat, dass déi deemoleg Majoritéit d’Klimabündnis eng ganz gutt Saach géif fannen, awer e Bäitrëtt net iwwert de Knéi wéilt briechen.

Mir hunn eis deemools net géint Klimabündnis als solches ausgeschwat, mä mir haten eis deemools just geweigert iwwerstierzt bäizetrieden.

Just fir iech nees an Erënnerung ze ruffen, an deenen Leit , déi deemools net derbäi waren ze erklären: ech hat 2009 ausdrécklech gefrot, ech war jo eréischt knapp eng Stonn vereedegt, mir e puer Méint Zäit ze ginn fir mech an deen Dossier anzeschaffen, an versprach mech dann an där Zäit mat Responsabelen esouwuel vum Klimabündnis ewéi och vum techneschen Service un een Dësch ze setzen fir zesummen ze kucken, wou mir géife stoen,

- wat mir schonns realiséiert hätten (Cogeneratiounsanlag, Niddregenergiehaus vum Précoce, energiespuerend Stroossebeliichtung, bewossten Verzicht op Tropenhölzer an ëffentleche Gebeier…)
- a wat nach alles ze maache wier, fir doropshin fir 2010 Gelder an de Budget ze setzen

Mä meng Propose gouf net akzeptéiert, a vum Rescht well ech net méi schwätzen…..

Mir sinn elo 3 Joer méi spéit an hunn elo als Gemeng all déi strategesch noutwendeg Viraussetzungen fir en efficacen Member vum Klimabündnis ze ginn.: Déi éischt Phase fir en Energiekonzept ass an Optrag, déi éischt Projeten vun eisem Verkéierskonzept, baséiernd op zesummenhängend Fouss- a Vëlosweeër hunn mir schonns gestemmt, eis Gemengebëscher sinn zertifizéiert, e Budget steet bereet fir an en Nord-Süd-Projet ze investéieren, an eisem Ecocenter kennen eis Bierger sech gratis vun myenergi beroden loossen, a wat guer net ze negligéieren ass, eisen techneschen Service ass agebonnen an och motivéiert mat op deem Wee ze schaffen. Ouni hiren Asaz wier z.B.deen nofolgende Punkt um Ordre de jour, fir eng Gemeinschaftsfotovoltaikanlag ze erméiglechen, net esou schnell emsetzbar gewiecht. Och a Punkto Kommunikatioun hunn mir net méi spéit ewéi haut Verstärkung an der Gemengenequipe krut an duerch d'Netzwierk mat aneren Klimabündnis-Gemengen stinn eis vill Hëllefsmëttel zur Verfügung..

Viraussetzunge sinn also lo ginn, a mir sinn als Schäfferot vun der Gemeng Käerjeng gewellt Verantwortung ze iwwerhuelen. Duerfir froen mir iech fir gemeinsam eng décision de Principe fir de Bäitrett zum Klimabündnis ze huelen an dem Schäfferot den Optrag ze ginn, wieder Schrett an des Richtung ze enerhuelen.

(Ziel ass CO2-Ausstéiss all 5 Joer em 5% ze reduzéieren; fir laangfristeg op 2,5tCO2-Äequivalent/Kapp/Joer ze kommen (ca de Moment leit L bäi 18t,USA bäi 16t, D bäi 8t, EU bäi 6t, F an China bäi 4t, Ghana bäi 0.5t)